PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
10 MARS 2020
1386

Lëtzebuerg, den 10/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Ëmmer erëm kënnt et vir, dass héij politesch Vertrieder oder Privatpersounen hieren Telefon gehackt kréien. Dat weist, dass souguer Persounen op héije Poste kënnen ausspionéiert ginn, wann hir Kommunikatioun net verschlësselt ass. D'Donnéeën, déi den Datendéif an dem Fall klaut, kënnen, wann se an déi falsch Hänn geroden, ee grousse Schued uriichten. Virun allem ëffentlech Mandatsdréier, wéi Ministeren, sinn engem héije Risiko ausgesat, ausspionéiert ze ginn. Aus deene Grënn ass et wichteg, dass Volleksvertrieder op héije Posten hir Kommunikatioun verschlësselen, zum Beispill duerch Cryptohandyen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Benotzen d'Regierungsmembere fir hir Kommunikatioun normal Handyen oder benotzen si Cryptohandyen?

2. Benotzen d'Regierungsmemberen méi wéi een Handy oder Telefon am Alldag? Falls jo, benotzen all dës Handyen eng verschlësselt Kommunikatioun?

3. Mat wéi enge weidere Mesurë schützen d'Ministeren d'Donnéeën, déi d'Sécherheet vum Lëtzebuerger Staat a Gefor brénge kéinten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 mars 2020

Objet : Question parlementaire n° 1986 du 10.03.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Outils de communication des membres du Gouvernement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

REÇU
Par Christine Wirtgen , 08:53, 07/04/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 6 avril 2020

Concerne : Question parlementaire n° 1986 du 10 mars 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen – Outils de communication des membres du Gouvernement

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n°1986 du 10 mars 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Pour le Ministre délégué à la Digitalisation

Gaston Schmit

Digitally signed by Gaston Schmit
Date: 2020.04.06 18:49:11 +02'00'

Gaston SCHMIT
Premier Conseiller de Gouvernement

Äntwert vum Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung op déi parlamentaresch Ufro n° 1986 vum Här Deputéierten Marc Goergen iwwer Kommunikatiouns-Ekipementer vun de Regierungsmemberen

Sämtlech Ekipementer déi de Regierungsmemberen vum staatlechen Zenter fir Informatiounstechnologien (CTIE) zur Verfügung gestallt ginn, sinn entspriechend preparéiert fir optimal mat den informateschen Infrastrukture vum Staat funktionéieren ze kënnen.

Sämtlech Smartphonen an Tabletten déi de Regierungsmemberen zur Verfügung gestallt ginn, ginn iwwert eng zentral Management Infrastruktur (MDM) verwalt an ageriicht. Heiduerch ass et méiglech dass Endgeräter duerch eng adequat Verschlësslung protegéiert sinn. D'Sécherheet vum Endgerät gëtt duerch déi zentral Management Infrastruktur garantéiert an och duerch spezifesch Sécherheetsreegele renforcéiert.

Falls Regierungsmemberen méi ewéi een Smartphone oder Tablet mat Accès op déi informatesch Infrastrukturen vum Staat am Alldag benotzen, ginn déi zousätzlech Endgeräter och vum CTIE preparéiert an duerch déi zentral Management Infrastruktur (MDM) verwalt.

Sämtlech Kommunikatiounen déi tëschent de mobillen Endgeräter an den informateschen Infrastrukturen vum Staat, wou op intern Informatiounen zougegraff gëtt, ginn verschlësselt an mat Authentifizéierung duerchgefouert. Am Fall wou een Endgerät verluer geet oder geklaut gëtt, kann dëst iwwert d'zentral Management Infrastruktur (MDM) geläscht ginn.